Réponse du ministre de l'Economie et du ministre des Finances à la question parlementaire n° 1653 du 22 décembre 2015 du député Fernand Kartheiser

---

1.Wéi eng Plaz huet Russland als Wirtschaftspartner fir Lëtzebuerg ?

Laut den rezensten Zifferen vum STATEC, déi am November 2015 an der "Note de Conjoncture" publizéiert goufen, an déi sech op d'Joer 2014 bezéien, geet erfier dass d'BRC Länner, dat heescht Brasilien, Russland an China 1,8 % vun den Exporter vun Déngschtleeschtungen vu Lëtzebuerg duerstellen an 2,5 % vun den Exporter vu Gidder.

Nach ëmmer laut dem STATEC, wor Russland 2014 mat engem Total vun 363 Milliounen Euro op der 26ter Plaz wat den Export vun Déngschtleeschtungen betrëfft, an mat engem Total vun 126,4 Milliounen Euro op der 15ter Plaz fir den Export vun Gidder.

2. Onofhängeg vun de Sanktiounen, wéi eng Bedeitung fir Lëtzebuerg kënnt dem russesche Maart zou a gesinn déi Här Ministeren do besonnesch Opportunitéiten ?

Mer stelle fest, dass sech déi russesch Wirtschaft haut an enger Rezessioun befënnt, haaptsächlech bedéngt duerch de Verfall vun de Präisser op de Weltmarchéen vun Réistoffer, Petrol an Erdgas. Den Export vun dëse Matièren stellt 85% vun sämtlechen Exporter vun Russland duer. Dozou kënnt d'Baisse vum Rubel, déi russesch Währung huet an de läschte Méint iwwert d'halschent vun sengem Wäert zum Dollar an Euro verluer. Dat bedeit dass sech de Präis vu Produkter, ënner anerem aus Lëtzebuerg, aus russescher Siicht méi wéi verduebelt hunn.

Opportunitéiten kéinten sech aus dëser Situatioun erginn fir Betriber déi a Russland wéilten an d'Produktion vun Gidder an Déngschtleeschtungen investéieren.

3. Wéini wor déi läscht Wirtschaftsmissioun a Russland, mat wéi enge Resultater, a fir wéini as déi nächst geplangt ?

Déi läscht Wirtschaftsmissioun a Russland wor am September 2012, ugefouert vum Staatsminister Juncker a vum Wirtschaftsminister Schneider. Deemools haten 21 Betriber aus Lëtzebuerg un där Missioun deelgeholl. Dës Missioun huet den Entreprisen erlaabt d'Regiounen vun Tambow an dem Tatarstan kennen ze léieren an do éischt Kontakter ze knäppen. Déi rezent Visite op Lëtzebuerg am November 2015 vum President vum Tatarstan, a Begleedung vun enger héichrangeger Wirtschaftsdelegatioun, beweist dass déi Relatioun, déi 2012 opgebaut gouf, haut nach Bestand huet. Am Moment ass kuerzfristeg keng Wirtschaftsmissioun a Russland geplangt, am Februar fënnt allerdings zu Sotchi eng sougenannten "Commission Mixte UEBL-Russie" statt, mat Bedeelegung vum Privatsecteur. Bei der "Commission Mixte" handelt et sech ëm eng trilateral Wirtschaftskommissioun (Belgien/Lëtzebuersch an en Drëttland, an dësem Fall Russland) déi an regelméissegen Ofstänn zesumme kënnt.

4. Wéi huet sech de russeschen Tourismus zu Lëtzebuerg iwwer déi läscht Joeren (mat 2015) entwéckelt ?

Laut der "Note de Conjoncture 2-2015" vum STATEC vum November 2015 maachen d'Iwwernuechtungen aus BRC Länner (Brasilien, Russland a China) am Joer 2014 3% vum Total aus.

Fir Russland eleng sinn dat 0,7%. Et sinn sech keng gréisser Verännerungen an dësem Secteur ze erwaarden well dee schwache Rubel Destinatiounen an Westeuropa fir russesch Touristen präislech verdeiert huet. Ausserdeems gëtt et keng direkt Fluchverbindungen tëscht Russland an Lëtzebuerg, wat dem Tourismus net förderlech ass.

5. Wéi entwéckelen sech d'Resultater vun der Finanzplaz mat Russland ?

Laut den Zifferen vum STATEC, wat den Export/Import vun Finanzdéngschtleeschtungen ubelaangt sin d'Exporter an der Period 2011-2014 zimlech stabel. Am Joer 2011 woren et 77 Milliounen Euro, 2012 84 Milliounen Euro, 2013 108 Milliounen Euro, 2014 97 Milliounen Euro. Domat ass Russland, wat den Export vun Finanzdéngschtleeschtungen ubelaangt, ongefëier op der 40. Plaz mat engem relativen Undeel vun ëm 0,0025 % vum Total.

6. Ass en Impakt vun de Sanktiounen bei den Déngschtleeschtungen ze spieren, z.B. bei den Aktivitéiten vum Freeport, dem Loftcargotransport oder soss an der Logistik ?

En Impakt vun de Sanktiounen op den Export vun Déngschtleeschtungen ass net festzestellen. Déi Zifferen, déi disponibel sinn, d.h. bis d'Joer 2014 inclus, weisen eng moderat awer konstant Progressioun vun den Exporter vun Déngschtleeschtungen: vun 183 Milliounen Euro am Joer 2011, op 247 Milliounen 2012, 340 Milliounen 2013, 363 Milliounen 2014. Sektoriell Statistiken, ausser fir Finanzdéngschtleeschtungen, sinn net disponibel.

7. Wéi entwéckelen sech déi Russesch Investitiounen hei am Land ?

Esou wäit Informatiounen iwwer Investitiounen aus Russland der Ëffentlechkeet zougänglech sinn, schéngen dës Investitiounen iwwer déi läscht Joeren och moderat awer konstant ze wuessen. Och hei ass keen Abroch festzestellen.

8. Wéi en Impakt hunn d'Sanktiounen op déi lëtzebuergesch Agrikultur ?

Well d'Quantitéite vu lëtzebuerger landwirtschaftleche Produkter déi a Russland exportéiert ginn ganz kleng sinn (oft fir manner wéi 100'000 EUR, 2013 fir 325'000 EUR) ass den direkten Impakt vun den EU Sanktiounen op äis landwirtschaftlech Betriber ganz kleng bzw. inexistent.

Déi aktuell wirtschaftlech Situatioun a Russland zesumme mat den EU Sanktiounen kéint allerdéngs dozou bäidroen, dass d'Präisser vun eenzelnen landwirtschaftleche Produkter, wéi z.B. der Mëllech, op den internationale Mäert säit Abrëll 2014 weider falen, wourënner och déi lëtzebuergesch Betriber leiden.

9. Wéi eng vun de veschiddenen Zorten Sanktiounen, déi d'EU géint Russland verhaang huet, haten oder hunn e besonnesch staarken Impakt op Lëtzebuerg ?

Nieft dem Fall vum Rubel, an der Rezessioun a Russland déi ënnert dem Punkt 2. beschriwwe gouf, hunn och d'Sanktiounen en negativen Impakt op äis Exportatioune a Russland, déi zwëschen 2013 an 2014 ëm 20% zeréck gaange sin. Innerhalb vun deenen Exportatiounen si viirun allem d'Kategorien « Métaux communs et ouvrages métalliques » an « Machines et appareils » betraff, wou äis Exportatiounen eng Baisse vun 40%, resp. 24,5% zwëschen 2013 an 2014 verzeechnen. (Fir 2015 gin ët nach keng oofschléissend Chiffren).

10. Wéi eng Positioun vertrëtt Lëtzebuerg am EU-Conseil wat Sanktiounen géint Russland ugeet ?

D'Sanktiounspolitik vun der EU géigeniwer Russland sin als eng Reaktioun op d'Violatioun vun der territorialer Intégritéit vun der Ukraine vum Conseil européen décidéiert an agefouert gin. De Conseil européen vum 19. an 20. März 2015 huet dunn en direkte Lien zwëschen der Durée vun deene Sanktiounen an der Ëmsetzung vun de Minsker Accord'en hiergestallt.

Och wann déi Accord'en nach nët ganz ëmgesaat gi sin, begréissen mier d'Fortschrëtter déi bis elo gemaach gi sin a mier hoffen dass all Effort'en ënnerholl wäerte gin, déi zu engem Ophiewen vun deene Sanktioune féieren.

Mier mengen allerdings, dass, an den Domainer déi vun de Sanktiounen nët betraff sin a v.a. an der Terrorismusprëventioun a -bekämpfung d'Coopératioun matt Russland soll weider gefouert an verstärkt soll ginn.

11. Ass déi lëtzebuerger Regierung fir Visumserliicherungen fir russesch Staatsbierger ?

De Visa-Dialog tëschent der EU a Russland ass am Kontext vun der Krim-Annexioun suspendéiert ginn. Lëtzebuerg stoung virun där Suspensioun vum Dialog der Fro vu Visumerliichterunge fir russesch Staatsbierger oppe vis-à-vis, a géif et begréissen, wann d'Conditiounen erfëllt wieren, fir deen Dialog nees opzehuelen. Lëtzebuerg hëllt am Allgemengen eng konstruktiv Positioun op Froe vu Visumerliichterungen fir Bierger aus Drëttlänner, well esou Visumerliichterungen den direkte Kontakt tëschent de Leit förderen. Dëst gëllt och fir Russland.